Rechter, déi d'Welt verännere
1989-2009: 20 Joer Kannerrechtskonventioun

Den 20. November 2009 waren et 20 Joer, datt zu New York bei der UNO-Generalversammlung am Sëtz vun de Vereenten Natiounen *eng vun deene ganz wichtegen Konventionen aus dem 20. Jorhonnert,* déi **iwwer d'Rechter vum Kand** oder d'Kannerrechtskonventioun, ugeholl gouf.

E bësse Geschicht

1924: D' «Société des Nations» („Völkerbund") mat Sëtz zu Genf an der Schwäiz déi vun 1920 bis 1946 bestan huet, hëllt *d'Deklaratioun vu Genf iwwer d'Rechter vum Kand* un. An där Deklaratioun ass festgehal, datt d'Kand e Recht drop huet, fir sech materiell a spirituell ze entwéckelen. D'Kand huet och e Recht op besonnesch Hëllef wann et Honger huet, krank, behënnert oder e Weesekand ass. Hatt muss fir d'éischt gehollef kréien an enger Noutsituatioun an et muss virun all Zort vun Ausbeutung geschützt ginn. D'Kand soll mam Sënn fir sozial Responsabilitéiten erzunn ginn.

1948: D'Generalversammlung vun de Vereenten Natiounen (UN – „United Nations") hëllt *d'Universal Erklärung vun de Mënscherechter* („Déclaration universelle des Droits de l'Homme") un. Am Artikel 25 ginn dem Kand als Rechter eng besonnesch Hëllef an Zouwendung zouerkannt.
1959: D'Generalversammlung vun de Vereenten Natiounen hëllt *d'Deklaratioun vun de Rechter vum Kand* un. An dëser Deklaratioun geet et ë. a. ëm d'Recht op Schutz virun Diskriminéierung, op en Numm an op eng Nationalitéit. D'Rechter vum Kand op Erzéiung, Gesondheet a besonnesche Schutz ginn ervirgehuewen.

1979: D'Generalversammlung vun de Vereenten Natiounen proklaméiert d'Joer 1979 als *„Internationaalt Joer vum Kand"*. Een Aarbechtsgrupp schafft eng Konventioun mat de d'Rechter vum Kand aus. Dës Konventioun soll och juristisch verflichten.
1989: D'Generalversammlung vun de Vereenten Natiounen hëllt *d'Konventioun iwwer d'Rechter vum Kand eestëmmeg un*. Dës Konventioun huet 54 Artikelen, déi op 20 Säite geschriwwe sinn a si trëtt 1990 a Kraaft.

1990: De Weltsommet hëllt *d'Welterklärung* zugonschte vum Iwwerliewen, vum Schutz a vum Entfale vum Kand un, zesumme mat engem Plang, fir dës Welterklärung an den 90er Joren an d'Praxis ëmzesetzen.

2002: D'Generalversammlung vun de Vereenten Natiounen organiséiert eng aussergewéinlech Sëtzung, an där ausschliisslech iwwer Froen, déi d'Kanner betreffen, geschwat gëtt. *Honnerte vu Kanner huelen un dëser Sëtzung deel.* D'Schlussdeklaratioun iwwer d'Rechter vum Kand dréit den Titel**:** *„Eng Welt, déi der Kanner wiirdeg ass"* („Un Monde digne des enfants").

2007: D'Generalversammlung vun de Vereenten Natiounen hält op mat enger *Deklaratioun zugonschte vun de Kanner*, déi a méi wéi 140 Staten ugeholl gëtt.

D'Konventioun iwwer d'Rechter vum Kand

D'UN-Kannerrechtskonventioun ass den *20. November 1989* zu New York ënnerschriwwe ginn a setzt sech aus *54 Artikelen* zesummen. Am Laf vun deene leschten 20 Joer hunn all State vun der Welt – mat der Ausnahm vun den USA a Somalia – dës Konventioun ratifizéiert (d. h. datt se vun der Regierung ënnerschriwwe gouf an och an dem respektive Land ëmgesat gi muss). *Zu Lëtzebuerg gouf d'Konventioun am Joer 1993 ratifizéiert.*

Déi 54 Artikele kënnen an *dräi grouss Gruppen* agedeelt ginn:

- *Schutzrechter*, d. h. Rechter, duerch déi e Kand geschützt gi soll. Bei de Schutzrechter geet et z. B. ëm Gewalt, Mëssbrauch a Vernoléissegung.
- *Förderrechter*, d. h. Rechter, duerch déi e Kand gefördert gi soll. An de Förderrechter sti Gesondheet, Bildung a Fräizäit am Mëttelpunkt.
- *Bedeelegungsrechter.* An de Bedeelegungsrechter geet et ëm dat aktivt Matwierken an der Gesellschaft an dorëm, datt e Kand Gehéier geschenkt kritt.

Ganz besonnesch de Grondsaz aus dem Artikel 3, an deem d'Wuel vum Kand am Mëttelpunkt steet, ass wichteg. Doran heescht et, *„ ... dass das Wohl des Kindes bei allen Maßnahmen, die Kinder betreffen, gleichviel, ob sie von öffentlichen oder privaten Einrichtungen der sozialen Fürsorge, Gerichten, Verwaltungsbehörden oder Gesetzgebungsorganen getroffen werden (…) berücksichtigt wird."*

D'Staten, déi d'Kannerechtskonventioun ënnerschriwwen hunn, mussen all fënnef Joer *e Rapport* driwwer maachen, ob a wéi se d'Konventioun ëmsetzen. Dëse Rapporte gëtt dem UN-Ausschoss fir d'Rechter vum Kand zu Genf (en internationaalt Gremium mat 18 Experten) virgeluecht. Dësen Ausschoss mécht e Bericht an deem kritisch Punkten an Defiziter opgelëscht ginn an da gëtt dësen oder dee Staat derzou opgeruff, esouséier wéi méiglech ze handelen an déi néideg Gesetzer ze stëmmen.

All Joer den 20. November gëtt de Weltdag vun de Kanner („Weltkindertag“ – „Journée Mondiale des Enfants“) gefeiert.

D’UNICEF

D’UNICEF („United Nations Children’s Fund“), d’Kannerhëllefswierk vun de Vereenten Natiounen, ass den 11. Dezember 1946 gegrënnt ginn an huet hire Sëtz zu New York. D’Haaptaufgab vun dësem Hëllefswierk besteet doran, *Entwécklungshëllef an humanitär Hëllefsaarbecht fir Kanner an hir Familljen an den Entwécklungslänner ze leeschten.*

D’UNICEF ass an 158 Länner aktiv. Hir Haaptprioritéite sinn:

- *Schutz vun der Kandheet*: De physeschen, sexuellen a militäresche Mëssbrauch vu Kanner soll verhënnert ginn an de Kanner en (Iwwer)liewen am Sënn vun de Kanner- a Mënscherechter erméiglecht ginn.
- *Schutz an der fréier Kannerzäit*: Grad am Alter tëscht 0 a 5 Joer stierwen all Joer Millioune Kanner, well hinnen an hiren Elteren dat Néidegst fir ze iwwerliewe feelt.
- *Educatioun vun de Meedercher*: An Entwécklungslänner hunn d’Meedercher et nach ëmmer méi schwéier ewéi d’Jongen, fir an d’Schoul däerfen ze goen.
- *Vaccinatioun*: Impfung géint déi geleefeg Kannerkankheeten, ganz besonnesch an Entwécklungslänner.
- *Kampf géint HIV/Aids*: D’UNICEF setzt sech fir Opklärung a Präventioun an. Eng Folleg vun Aids sinn z. B. Millioune Weesekanner, déi Hëllef brauchen.

Zu Lëtzebuerg gëtt et de *„Comité luxembourgeois pour l’UNICEF“* zënter 1979. Zënter 1986 huet dëse Comité de Statut vun enger ONG («Organisation non gouvernementale»).

De Lëtzebuerger Ombudscomité fir d’Rechter vum Kand

Zënter dem 20. November 2002 schafft zu Lëtzebuerg en *Ombudscomité fir d’Rechter vum Kand.* Et ass deem Comité seng Missioun, d’international Kannerrechter bei äis ëmzesetzen.
Präsidentin – an domat och *Ombudsfra fir d’Rechter vum Kand* – ass d’Mme Marie Anne Rodesch-Hengesch.

Déi 10 wichtegst Kannerrechter

All Kand, egal a wat fir engem Land datt et lieft,
egal ob et räich oder arem ass,
huet e Recht op:

1) Déi selwecht Behandlung an de Schutz virun Diskriminéierung, onofhängeg vu senger Relioun, senger Rass a sengem Geschlecht.
2) En Numm an eng Staatszougehéieregkeet.
3) Gesondheet.
4) Bildung an Ausbildung.
5) Fräizäit, Spill an Erhuelung.
6) Sech ze informéieren, sech matzedeelen, gehéiert ze ginn a sech mat anere Kanner ze treffen.
7) Eng Privasphär an eng Erzéiung am Sënn vun der Gläichberechtegung an dem Fridden.
8) Hëllef bei Katastrophen an Noutsituatiounen a Schutz viru Grausamkeet, Vernoléissegung, Ausnotzung a Verfolgung.
9) Eng Famill, Zouwendung vun den Elteren an e séchert Doheem.
10) Eng besonnesch Fleeg, wann et behënnert ass.

Eréischt wann d'Rechter vum Kand an alle Länner vun der Welt respektéiert ginn, kënnen all Kanner frou a glécklech Mënsche ginn.

Kanner hu Rechter – awer och Flichten!

- Ech hunn e Recht op een Doheem.
- *An der Famill muss jiddereen eng Hand mat upaken!*

- Ech däerf meng Meenung soen.
- *Ech däerf net egal wat zielen.*
- Kanner schléit een net.
- *Kanner schloen net!*
- Ech hunn e Recht op eng gesond Ëmwelt.
- *Ech droen derzou bäi, datt se propper bleift!*

- Ech brauch an der Schoul net ze fäerten.
- *Da schaffen ech och gär mat*
  a si fair mat de Léierpersounen, de Kolleginnen a Kollegen!

- All Kanner si gläich.
- *Ech respektéieren déi Kanner, déi anescht sinn ewéi ech!*

- Ech hunn e Recht op Léift, Zäertlechkeet a Gebuergenheet.
- *Ech däerf **Nee soen**, wann een eppes vu mir verlaangt, wat ech net wëll!*

- Ech kucken no mir – ***an no deenen aneren!***

(Nom „Ministère de la Famille“, 1996)

(Zesummestellung: Monique Hermes – Text a Fotoen – 20.11.09)